N°1831
Entrée le 23.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.01.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„Am Joer 2021 huet Lëtzebuerg d'CO2-Tax agefouert fir géint de Klimawandel virzegoen. Dës louch 2021 bei 20 Euro pro Tonn un CO2, a se ass zanterhier all Joer ëm 5 Euro gehéicht ginn; esou dass se zanter dem 1. Januar dëst Joer bei 40 Euro pro CO2/Tonn läit.

An deem Kader wollte mir dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Recetten huet d'CO2-Steier tëschent de Joren 2021 an 2024 dem Staat erabruecht? Wéi huet sech dës Progressioun vun der CO2-Tax iwwert déi lescht Jore generell op d'Recetten un Accisen ausgewierkt?"
2. Wéi eng Ëmweltmesüren a Projete ginn heiduerch finanzéiert fir géint de Klimawandel virzegoen?

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten